



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mëttelstand weiderzeleeden.

A menge Froen n°3106 an 1641 hat ech de Mëttelstandsminister no Informatiounen zu de Beruffskummeren an de *Centres de compétences* an hire Formatiounen gefrot. Zu dësen gehéiert och de CDEC, de *Conseil pour le Développement Economique de la Construction*. All Firma am Bausecteur muss dem CDEC all Joer eng Cotisatioun an Héischtsch vun 0,65% vu senger Masse salariale bezuelen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froen stellen:

1. Den CDEC proposéiert Formatiounen, déi awer deelweis wéinst ze niddregen Teilnehmerzuelen net kënnen organiséiert ginn.
Wéi vill Formatiounen huet de CDEC an deene leschte Joren organiséiert?
Wéi vill vun dësen Formatiounen hunn sech op d'Nohaltëgkeet am Bausecteur fokusséiert?
2. Wéi vill Formatiounen vun de Beruffskummere konnte wéinst engem Feehle vu genuch Interesséierten net organiséiert ginn?
Wéi vill Firmen hunn an deene leschten 2 Joer Aarbechter fir Formatiounen ugemellt, déi net konnte statt fannen?
3. Duerch d'groussherzoglecht Reglement vun 2007 ass d'Memberschaft beim CDEC fir all Firma am Bausecteur obligatoresch. De Staat imposéiert also d'Memberschaft bei dëser Asbl.
Ënnerstëtzt de Staat dës Asbl finanziell? Wann jo, wéi vill Hëllef sinn zënter der Grënnung, opgeléicht no Joer, un den CDEC bezuelt ginn?
Wat fuerdert de Staat dofir als Géigeleeschtung? Existéiert heizou eng Konventioun oder ee Kontrakt?
4. De RBE zielt 9 Bénéficiaires effectifs beim CDEC. Quasi all dës Beneficiairë sinn net nëmmen am Verwaltungsrot vum CDEC, mee sinn niewebäi och Direktiounsmitglied oder Patron vu groussen a bekannte Baufirmen hei am Land.



Wéi kann de Staat garantéieren, dass eng Asbl, déi vun de grouse Baufirmen am Land geréiert gëtt, och d'Intresse vu Micro-entreprisen (1-9 Aarbechter) vertritt?
Wat fir eng Kontroll huet de Staat iwwert dës Asbl, bei där eng Affiliatioun, wéi scho gesot, duerch de Staat imposéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

